ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

D'Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 hällt am Artikel 15 fest, datt an de Proporzgemengen all Grupp vu Kandidaten (Parteien) an de berodende Kommissiounen vertruede muss sinn, am Verhältnes zu senge Gewielten .

«… chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil."

Elo gëtt et de Fall, wou ee Gemengerotsmember aus deem Grupp vu Kandidaten (Partei) austrëtt, op deem senger Lëscht hie gewielt ginn ass, am Gemengerot bleift, sief et als Onofhängegen oder an enger anerer Partei.

Duerfir wéilt ech der Madamm Banneminister dës Fro stellen:

1. Ass et op Grond vum Artikel 15 vum Gesetz vum 13. Dezember 1988 richteg, datt dee Grupp vu Kandidate (Partei), op deem senger Lëscht hie gewielt ginn ass, d'Mandater an de berodende Kommissioune behällt?
2. Ass der Madamm Minister bekannt, wéi vill gewielte Gemengerotsmemberen zënter de Gemengewalen vun 2011 a Proporzgemengen aus där Partei ausgetruede sinn, op där hirer Lëscht si gewielt waren, an awer am Gemengerot bliwwe sinn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742